



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/09/2019

Här President,

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :

12 SEP. 2019

M97

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Wirtschaft weiderzeleeden.

Ob an der Stroossen, um Trottoir oder am Gréngs: op ville Platzen uechert d'Land fënnt een ewechgehäiten Zigarettestommelen. De Geste fir ee Stommel ewechzegeheien ass kuerz. D'Konsequenze fir d'Ëmwelt sinn allerdéngs op laang Dauer immens grave, well an de Stommelen eng Réi toxesch Materialien ze fanne sinn. De Stommel brauch Jore bis en sech zersetzt, falls virdrun net schonn een Déier en gefriess huet. An dësem Zersetzungsprozess gelange Chemikalien, wéi zum Beispill den Arsen, Nikotin, Blei, Chrom, Kopper oder Cadmium, an eis Ëmwelt. Iwwert de Buedem kënnen des Stoffe dann och an eist Grondwaasser gelaangen.

D'Konsequenze vum Zigarettestommel fir d'Natur si säit laangem bekannt an se sinn bedenklech. Trotzdeem gesäit een ëmmer erëm Mënschen, deenen dëst net schéngbar net bewosst oder egal ass. Anescht ass et net ze erklären, dass d'Stommelen ouni grouss Iwwerleeungen op de Buedem geheit ginn, als wäeren et Grimmele vun enger Mëtsch.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Mesuren huet d'Regierung säit 2013 ënnerholl fir d'Ëmweltverschmutzung duerch Zigarettestommelen ze reduzéieren?
 - Waren des Mesuren effektiv a kann d'Regierung dëst unhand vun Zuele beleeden?
2. Wat wäert d'Regierung a noer Zukunft ënnerhuele fir d'Verschmutzung duerch Zigarettestommelen ze ënnerbannen?
3. Besëtzt d'Regierung Donnéeë wéi eis Ëmwelt duerch d'Chemikalien aus Zigarettestommele belaascht ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu